Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Grupp Mère Thérèse Housen-Houschent | Cédric MALEK | 1, an der Triecht L-9837 Neidhausen | Tél: / GSM: 691 826 226 | info@lgs-houhou.lu

D'Versammlunge vum 04. Mee 2019 sinn alleguer ofgesot.

Näidsen, den 27. Abrëll 2019

Besonnesch Aktivitéit fir dem Chefscout ze gedenken

[Samschdes de 04. Mee 2019]

Stärentour vun den LGS an der FNEL

Zesumme mat eise Bridder a Schwëster vun der FNEL organiséiere mir ee Stärentour. Hei sinn all Scouten, kleng, grouss, jonk, al, aktiv Member oder Amicale, invitéiert fir matzemaachen.

Vum Bouillon aus trëppele mir zesummen an d'Péitruss fir eng grouss Chaîne des adieux ze maachen. Sief och du mat dobäi fir eisem Chefscout Äddi ze soen. Duerno gi mir zesumme bei de Cortège.

Datum:	**04. Mee 2019**
Depart:	mer treffen eis ëm **06:40 Auer** zu Kautebaach op der Gare
Retour:	zréck si mer viraussiichtlech ëm 15:00 Auer zu Kautebaach op der Gare
Kleedung:	Uniform-Hiem, ee Foulard an eng blo Box. D'Hiem gëtt an d'Box gestach.
	(Fir eis Amicale: Frënn-Polo, grénge Foulard a blo Box)
Wichteg	**Eng tipptopp Uniform ass Viraussetzung fir duerfe mat ze goen**
	Mer kontrolléieren déi korrekt Tenue op der Gare

☞ Umeldung beim Cédric (info@lgs-houhou.lu oder 691826226) bis den 01. Mee 2019

Spaléier stoen (fir Member ab 15 Joer)

Scouten sti Spaléier (nom Stärentour). 250 Guiden a Scouten vum SIL (dovun 125 vun den LGS) sti Spaléier wann de Sarg vum Palais an d'Kathedrale gedroe gëtt.
Fir déi Member déi eisem Chefscout eng lescht Éier erweise wëllen, sollen sech w.e.g. beim Cédric bis Méindeg, den 29. Abrëll um 12 Auer mellen. Weider Info'en heizou ginn et beim Cédric.

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
Gruppechef

Cédric Malek

www.lgs-houhou.lu